
mikado
AM WANTER:
WANTERPNEUEN!
MINISTÈRE DU DÉVELOPPEMENT DURABLE
ET DES INFRASTRUCTURES
Département des transports
SÉCURITÉ
ROUTIÈRE
LUXEMBOURG
POLICE

# PASST ÄR TENUE AN ÄERT BEHUELEN DEM WANTER UN!

## LEET WANTERPNEUEN OP!

Vum 1.10.2012 u si Wanterpneuen a wanterleche Konditiounen (Glatäis, Schnéi, Schnéimatsch, Äisplacken, Räif) **obligatoresch**. Equipéiert Ären Auto, fir méi sécher ze fueren, nëmme mat Wanterpneuen oder «all weather»-Pneuen. Dës Typpe Pneue si mat «M.S.»,»M+S» oder «M&S» gezeechent. A verschiddene Fäll ginn dës Zeeche mat engem Bierg-symbol (Bierg mat 3 Spëtzten an enger Schnéiflack) ergänzt.

Vill Accidenter a Staue sinn effektiv d'Konsequenz vu Pneuen, déi der Saison net ugepasst sinn.

## FUERT MAT UGEPASSTER VITESSE!

Fuert mat Wäitbléck, virun allem am Wanter. Esou behaalt Dir d'Gewalt iwwer Äert Gefier a vermeit Situatiounen, an deenen Der op glater Strooss misst brüsk bremsen. Evitéiert all brüske Manöver.

## HAALT D'LUUCHTEN AN D'FËNSTERE PROPPER!

Am Wanter ass et ëmsou méi wichteg, fir gutt ze gesinn a gesinn ze ginn. Duerfir musst Dir onbedéngt, éier Der fortfuert, Schnéi an Äis vun de Fënsteren, de Luuchten, de Säitespigelen an dem Daach vun Ärem Gefier erofschären oder -krazen. Denkt och drun, fir d'Fënstere vu banne fräi ze maachen, fir zu all Moment eng fräi Vue no alle Säiten ze hunn.

## D'WISCHERE KANN EEN ERSETZEN!

Wischerblieder halen net éiweg. Mat der Zäit notzen se of a botzen d'Fënsteren net méi uerdentlech. Wischeren a perfektem Zoustand sinn awer onentbierlech, fir eng gutt Siicht ze hunn. Denkt deemno drun, se ze wiesselen, wann et néideg ass. A vergiesst net derfir ze suergen, datt genuch Botzmëttel mat Antigel fir d'Fënsteren am Reservoir ass.

## GRÄIFT OP DEN ËFFENTLECHEN TRANSPORT ZERÉCK!

Wann Dir am Wanter net onbedéngt musst mat Ärem Auto fueren, da wielt den ëffentlechen Transport. Bus, Zuch, Navette… et gi esou vill Alternativen zum Auto, mat deenen Dir Iech optimal bequem a sécher kënnt deplacéieren an d'verschneite Stroossen esou kënnt vermeiden.

D'Horairë fannt Dir op: www.mobiliteit.lu

## VIRFAART FIR D'GEFIERER VUM WANTERDÉNGSCHT!

Loosst de Schnéiplou an de Streedéngscht laanscht, fir datt d'Stroosse méiglechst séier geraumt kënne ginn a manner rëtscheg sinn. Gitt deene Gefierer esou vill Plaz, wéi si brauchen, fir hir Aarbecht ze maachen.

## SIDD DROP AGESTALLT, DATT D'STROOSS KA KOMPLETT BLOCKÉIERT SINN!

Loosst Plaz an Ärer Malle fir e puer Decken, waarmt Gezei an e bëssen Iessen (Müsliriegel, Schockela…) fir de Fall, wou Dir méi laang op der Strooss blockéiert sidd.

### NËTZLECH SITTEN

www.meteolux.lu
www.police.lu
www.cita.lu
www.acl.lu
**www.mddi.lu**
**www.securite-routiere.lu**